Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op déi parlamentaresch Fro n° 3540 vum 29. Januar 2021 vum Här Deputéierte Fred Keup

D'Rockhal hat fir d'Period tëschent dem 10. an dem 14. Februar d'Concertsserie „Because Music Matters" organiséiert. Zousätzlech zu de sanitäre Mesure fir ëffentlech Evenementer (maximal 100 Persounen, port du masque obligatoire, assignéiert Sëtzplazen an 2m Tëschendistanz) déi am modifizéierte Gesetz vum 17. Juli 2020 verankert sinn, hat d'Rockhal, an enker Zesummenaarbecht mat der Direction de la Santé an der Division de l'Inspection Sanitaire gratis Covid-19 Schnelltester fir d'Spectateure virum Concert agefouert, fir ze determinéiere wéi de Virus sech an engem Kader wou streng sanitär Mesure gëlle verhält. Dozou krut all Spectateur eng Invitatioun fir sech nach eemol, siwen Deeg méi spéit, op de Covid-19 testen ze loossen.

D'Rockhal huet sech heibäi op d'Prinzippie vum droit commun baséiert, déi dem Commerçant d'Fräiheet ginn, fir d'Konditiounen an deenen hie säi Produit oder Service ubitt selwer kënnen ze bestëmmen. D'Informatiounen zu de Modalitéite goufe via Pressecommuniqué an um Internetsite vun der Rockhal publizéiert, sou datt all Persoun déi en Ticket kaf huet, doriwwer am Virfeld a Kenntnis gesat konnt ginn.

Insofern et sech bei dëser Concertsserie em en Testkonzept gehandelt huet, mat engem kloren an annoncéierte But, dem Schutz vun der Gesondheet vun all de Participanten, kann hei net vun enger Diskriminatioun géint Persounen déi positiv op de SARS-CoV-2 getest goufe riets goen. Vu datt all Spectateur iwwert d'Konditioune vun dëse Concerten am Virfeld informéiert war, a mam Kaf vum Ticket dëse Konditiounen zougestëmmt huet, kann een hei och net vun engem Verstouss géint de secret médical schwätzen.

Falls eng Persoun positiv op de SARS-CoV-2 getest gouf, krut dës Persoun d'Käschte vum Entréesbilljee vum Organisateur rembourséiert.

Et ass net virgesinn datt an Zukunft nach aner medezinesch Tester solle verlaangt ginn, fir kënnen un enger kultureller Manifestatioun deelzehuelen.